ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. August 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verdeedegungsminister an un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

De „COPRAL" si Couren, déi am technesche Lycée zu Ettelbréck ugebuede ginn an zum Zil hunn, jonk Leit op e fräiwëllege Militärdéngscht virzebereeden. Déi Coure sollen hir Chance, fir bei der Musterung ugeholl ze ginn, verbesseren.

An deem Kontext, wéilt ech dem Här Verdeedegungsminister an dem Här Educatiounsminister e puer Froe stellen:

1. Wéi vill Leit hu sech bis elo an de „COPRAL" gemellt a wéi sinn hir Resultater an der Schoul a bei der Musterung? Wéi e Bilan zitt d'Regierung aus dësem „Pilotprojet"?
2. Wéini wëllen déi Häre Ministeren der Chamber e Gesetzesprojet iwwer déi virmilitäresch Educatioun virleeën, well d'Verfassung jo virschreift, datt alles wat mat der Educatioun ze dinn huet, muss iwwer Gesetz gereegelt ginn?
3. Sollt een esou Coursen net a méi Schoulgebaier ubidden, fir et interesséierte jonke Leit och an anere Regioune vum Land méi einfach ze maachen, fir esou Coursë matzemaachen? Gëtt et Schoulgebaier am Land, déi schonn Interessi gewisen hunn, fir bei enger eventueller Regionaliséierung vum „COPRAL" matzemaachen?
4. Huet d'Regierung Iddien oder Projete fir esou Coursen, inspiréiert vun den Experienze mam „COPRAL", zu enger richteger Filière am Unterrechtswiesen auszebauen? Kéint esou eng Filière net och fir aner Beruffer (Police, Rettungsdéngscht, Douane, privat Sécherheetsfirmen) interessant sinn, well méi jonk Leit spezifesch op sécherheetsrelevant Aktivitéite kéinte virbereet ginn?
5. Kéint den Ausbau vum „COPRAL" zu enger richteger Filière an der Schoul et net och erlaben, d'Konditiounen an d'Organisatioun vun esou Coursë weider ze flexibiliséieren, och z.B. wat den Alter vun de Schüler an d'Natur vun der Formatioun ugeet?

6. Well besonnesch och a sécherheetsrelevante Beräicher eng gutt gesondheetlech a sportlech Konditioun vu Virdeel ass, kéint fir esou eng Formatioun net och e speziell elaboréierte sportlechen a medezineschen Encadrement virgesi ginn? Wär et an Zäiten, wou vill jonk Leit sech net méi genuch beweegen net och wichteg, fir e richteg progressiven, sportlechen Opbauprogramm an esou enger Filière virzegesinn?
7. Wéi mécht den Educatiounsministère Reklamm fir de „COPRAL"? Wéi ginn déi Coursen a senge Publikatioune presentéiert, z.B. an der „Offre scolaire" oder an Orientéierungsgespréicher?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten